



AUSSERUERDENTLECHEN NATIONALKONGRESS & RENTRÉESFEST

SAMSDES, DE 25. SEPTEMBER 2021

ZU DÉIFFERDENG AN DER HALL O

Avenue du Parc des Sports
L- 4671 Uewerkuer

VUN 09.00 AUER UN Ausseruerdentlechen Nationalkongress*
(Aschreiwung vun den Delegéiert ab 08.30 Auer)

AB 11.00 AUER Rentréesfest

Parteimemberen, déi net Delegéiert sinn awer um Kongress deelhuefen wëllen, sinn och schonns virdrun ganz häerzlech wëllkomm.

De Kongress an d'Rentréesfest ginn als Covid-Check Veranstaltungen organiséiert. D'Umellung ass obligatoresch. Esouwuel fir den Nationalkongress wéi och fir d'Rentréesfest.

Umelle kann een sech bis de Mëttwoch,
22. September 18.00 Auer um
Tel. 22 57 311 oder op csv@csv.lu.

* Traduction simultanée
en français

Une version française
de ce dépliant est disponible sur
csv.lu



CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI
Boîte postale 826 - L-2018 Luxembourg
T. 22 57 311 - F. 47 27 16 - csv@csv.lu - csv.lu



FRAKTIOUN

AUSSERUERDENTLECHEN NATIONALKONGRESS & RENTRÉESFEST

SAMSDES, DE 25. SEPTEMBER

ZU DÉIFFERDENG

AN DER HALL O

Avenue du Parc des Sports
L- 4671 Uewerkuer

1/ELO!

De Magazin fir
d'Membere vun der CSV

ELO POLITIK LIWWEREN

Leif Frëndinnen a Frënn !

D'Rentrée steet un. Fir eis Partei, vun där d'Fraktioun een Deel ass. A fir d'Chamber, wou Är CSV-Deputéiert fir eng konstruktiv-kritesch Oppositioun stinn. Grad elo! 2023 si Walen! Mä elo ass keng Wal- mä Schaffzäit. Fir den Alldag méi einfach an d'Liewe méi bezuelbar ze maachen. Duerfir gi mir weider op Nolauschtertour fir Är Suerge besser ze verstoen.

Einfach waren déi lescht Corona-Méint net. Mä dat ass keng Excuse fir Stéllstand. Grad elo brauche virun allem jonk Leit nei Perspektiven. Grad elo brauch déi breet Mëttelschicht Entlaaschtung. Grad elo mussen nei Wunnenge gebaut ginn. Grad elo muss de Klima pragmatesch geschützt ginn. Grad elo muss eis Schoul nei Kompetenze liwweren. Grad elo muss déi sozial Schéier zougoen. Grad elo muss mir eise Gesondheetssystem ronderëm de Patient opbauen.

Als CSV loosse mir d'Leit net lenks leien. Mir huelen si mat op neie Weeër an eng méi gerecht Zukunft. D'Regierung muss elo Politik liwweren. Mir reechen hier eis Hand. Stéllstand ass keng Optioun.

MARTINE HANSEN GILLES ROTH

Co-Présidente vun der CSV-Fraktioun



Leif Frëndinnen a Frënn

Zanter dem leschte Kongress ass parteiintern vill geschafft ginn. Fir eis ze reorganisieren a fir d'CSV op déi Erausforderungen vun den nächste Joren virzebereeden. Eis intern Organisatioun ass erneiert, d'Zesummenaarbecht tëschent Partei, Basisorganisatiounen a Fraktioun gefestegt an eis finanziell Reegelen sinn iwwerschaaft an ëmgesat ginn.

Bleift elo nach de lëschten Deel vun eiser Reorganisatioun an d'Realitéit ëmzesetzen: Eis Statuten unzepassen. Dat wëlle mer de 25. op eisem Kongress maachen. Wei versprach proposéiere mir lech, eis Statuten esou ze änneren, dat eng duebel Besetzung vun eise Spëtzeposten méiglech ass, dat mer eis méi Gestaltungsméiglechkeet fir d'Spëtzekandidaten ginn, dat nei Proporzgemengen kënnen nach eng Kéier mat oppene Lëschten untrieden asw.

Mat dëser Statutenännerung wëlle mer Jonken an neie Leit eng gréisser Plattform bidden, eis Partei breet als Equipe opstellen an eise Fonctionnement de Gegebenheeten vun haut upassen.

No dësem Kongress hu mer dann déi noutwendeg Etapp vun interner Reorganisatioun ofgeschloss. Vum 26. un wäerte mer eis komplett op politesch Inhalter an d'Virbereedung vu Gemengen- a Chamberwalen konzentréieren.

Zesumme mat lech. D'CSV ass eng grouss Equipe. Wou jiddereen gebraucht gëtt. Mir zielen fest op Är Ënnerstëtzung.

CHRISTOPHE HANSEN
Generalsekretär

CLAUDE WISELER
Président